

Léiw Memberen,

Dëst Dokument soll iech beim kompletéieren vum Formulaire hëllef fir äer Supplementen vun den Iwwerstonnen unzefroen.

De Statut du fonctionnaire, ergo déi national Legislatioun gesäit 3 verschidde „Modes de travails“ vir.

- 1) *Horaire mobile*
- 2) *Travail fixe (dëse Mode gëtt bei der Douane net applizéiert)*
- 3) *Travail par équipes successives*

Fir Servicer ewéi den **DOBA**, **Findel BSP** a **BCFF** ass et kloer dass se nom System vum “travail par équipes successives”(3) geschafft hunn an deemno wéi d’Konditiounen vum Urecht op d’Prétraite erfëllen. Fir d’**Douanesbüroen** ass et och kloer per Note de service definéiert dass hei nom “horaire mobile”(1) geschafft ginn ass.

Fir Servicer wéi **d’Brigaden vun der IOS** an **d’Brigaden vun der IADPS** ass dëst net sou kloer definéiert. Laut Note de Service operéieren si an engem „net horaire mobile“ System ouni ze definéieren op et sech em en “travail fixe”(2) oder em en “travail par équipes successives” (3) System handelt. Et ass sech hei un d’Direktive ugeleent ginn, ouni awer déi national Gegebenheeten ze berücksichtegen.

D’Brigaden waren weder als „Horaire mobile“ nach als „travail par équipes successives“ définéiert ginn, hunn sech awer un d’Virgaben vun der Amplitude (6:30-19:30 Auer vum Art.18.7) gehalen. Des Weideren ass d’Definitioun vun der Aarbechtswoch (Méindeg-Samschdes Art.18) vum Aarbechtsregime “Horaire mobile”(1) benotzt ginn. Parallel heizou sinn ebenfals d’Dispositiounen vun der Definitioun vum „travail par équipes successives“(3) ugewand ginn well no Déngschtplang (8 Stonnen TPO) an 1-2 Equippen Schichten geschafft gi sinn.

D’Gesetz gëtt awer nëmmen déi 3 uewen opgezielten Aarbechtsmodi hier an erlabt keng esou Hybridssystemer.

Dofir recommandéiere mir eise Memberen sech vun der Direktioun schrëftlech versécheren ze loossen op dir d’Dispositiounen vum 3. Schichtsystem “travail par équipes successives”(3) erfëllt hutt an domat och d’Urecht op Prétraite hutt*, oder op dëst net op ären Aarbechtsregime zoutreff an dir d’Dispositiounen vum (2) Horaire mobile erfëllt hutt.

* (Momentan fir d’Beamten déi virun 1999 agestallt goufen / n.b. dëst Joer sinn Gespréicher tëscht Fonction publique an de Sozialpartner iwwert d’Nees-Aféierung vun der Prétraite fir all déi no 1999 agestallt goufen)

Wat ass eng Iwwerstonn (Heure supplémentaire) a wéini hunn ech Supplementen zegutt?

Art. 19 vum Statut du fonctionnaire:

Par heure supplémentaire il y a lieu d'entendre toute prestation de travail effectuée au-delà des journées de travail déterminées en application de l'article 18 (Art. 18 = Lundi au samedi), de l'amplitude de la durée de travail prévue à l'article 18-7 (Art. 18-7 = 06 :30 – 19 :30) ou des huit heures de temps de présence obligatoire prévues à l'article 18-10, paragraphe 2, alinéa 3.

Well d'Gesetzeslag den 1 Oktober 2018 geännert huet, a soumat och d'Definitioune vun Iwwerstonnen (heures supplémentaires) muss een hei ënnerscheeden.

Folgend Punkten erklären d'Modalitéiten déi säit dem 1. Oktober 2018 en vigeur sinn esou wéi och déi virun Oktober 2018.

Fir direkt ob äre jeweiligen «Mode de travail » ze kommen, lëschte mir hei d'Punkten op:

(1)Horaire mobile

1a) Horaire mobile ab 1. Oktober 2018

1b) Horaire mobile virum 1. Oktober 2018

(3)Travail par équipes successives

3a) Travail par équipes successives ab 1. Oktober 2018

3b) Travail par équipes successives virum 1. Oktober 2018

(1)Horaire mobile

1a) Wat sin Iwwerstonnen (heure supplémentaire) am Horaire Mobile ab 1 Oktober 2018:

- Schaffzäit um Sonndeg
- Schaffzäit um Feiertag
- Schaffzäit virun **06 :30** Auer an no **19 :30** Auer
- Schaffzäit op engem 6. Aarbechtsdag wann dëst Samschdeg ass an de Wochepensum schonn erfëllt ass.
- Schaffzäit no der **10ter** Aarbechtsstonn

N.B. Heures supplémentaires ≠ heures excédentaires. *Heures excédentaires (déi et just am HM ginn) sinn d'Minutten an d'Stonnen déi no der 8ter Schaffstonn a bis zur 10ter Stonn prestéiert ginn an all Dag op d'«Auer» bäigesat ginn!*

A wéi eng Fäll hunn ech am Horaire mobile d'Supplementen fir d'Iwwerstonnen (heures supplémentaires) ab dem 1 Oktober 2018 zegutt ?

- Schaffzäit um Sonndeg -> supplément 40%
- Schaffzäit um Feiertag -> supplément 70%
- Schaffzäit um 6. Schaffdag (Samschdeg) an enger Woch -> supplément 40%
- Schaffzäit an der Période nocturne (22:00 - 06:00 Auer) -> supplément 20%

1b) Wat sin Iwwerstonnen (heure supplémentaire) am Horaire Mobile virum 1. Oktober 2018:

- Schaffzäit um Sonndeg
- Schaffzäit um Feiertag
- Schaffzäit virum **07 :00** Auer an no 19 :30 Auer
- Schaffzäit op engem 6. Aarbechtsdaag wann dest Samschdeg as an de Wochepensum schon erfüllt war.
- Schaffzäit no der **8ter** Aarbechtsstonn

A wei eng Fäll hunn ech am horaire mobile d'Supplementen fir d'Iwwerstonnen (heures supplémentaires) virum 1.Oktober 2018 ze gutt ?

- Schaffzäit um Sonndeg -> supplément 40%
- Schaffzäit um Feiertag -> supplément 70%
- Schaffzäit um 6. Schaffdag (Samschdeg) an enger Woch -> supplément 40%
- Schaffzäit an der Période nocturne (22:00 - 06:00 Auer) -> supplément 20%

(3) Travail par équipes successives

3a) Wat sinn Iwwerstonnen (heures supplémentaires) am «Travail par équipes successives» (3 Schichten) ab dem 1 Oktober 2018 :

- Schaffzäit op engem 6. oder 7. Aarbechtsdaag an enger Woch (Méinden-Sonndeg)
- Schaffzäit no der 8. Aarbechtsstonn

N.B. an engem mode de travail vun équipes successives ginn et keng «heures excédentaires» ewéi am HM.

A wéi enge Fäll hunn ech am «Travail par équipes successives» ab dem 1 Oktober 2018 d'Supplementen fir d'Iwwerstonnen zequtt ?

- Schaffzäit no der 8. Schaffstonn wann déi Iwwerstonnen an d'Periode nocturne faalen (22:00 - 06:00 Auer) -> supplément 20%
- Schaffzäit no der 8. Schaffstonn wann déi Iwwerstonnen op e Feiertag faalen. -> supplément 70%
- Schaffzäit um 6. Schaffdag (Schicht um Samschdeg) an enger Woch wou schon 40h geschafft gi sinn. -> supplément 40%
- Schaffzäit um 7. Schaffdag (Schicht um Sonndeg) an enger Woch wou schon 40h geschafft gi sinn. -> supplément 40%

3b) Wat sin Iwwerstonnen (heure supplémentaire) am «Travail par équipes successives» (3 Schichten) virum 1. Oktober 2018 :

- Schaffzäit op engem 6. oder 7. Aarbechtsdaag an enger Woch (Méinden-Sonndeg)
- Schaffzäit no der 8. Aarbechtsstonn

A wéi enge Fäll hunn ech am «Travail par équipes successives» virum 1. Oktober 2018 d'Supplementen fir d'Iwwerstonnen zequtt ?

- Schaffzäit no der 8. Schaffstonn wann déi Iwwerstonnen an d'Période nocturne faalen (22:00 - 06:00 Auer) ->supplément 20%
- Schaffzäit no der 8. Schaffstonn wann déi Iwwerstonnen op e Feiertag faalen. -> supplément 70%

- Schaffzäit um 6. Schaffdag (Schicht um Samschdeg) an enger Woch wou schon 40h geschafft gi sinn. -> supplément 40%
- Schaffzäit um 7. Schaffdag (Schicht um Sonndeg) an enger Woch wou schon 40h geschafft gi sinn. -> supplément 40%

Fro / Antwort:

- Wann ech Nuechts no 22 Auer Iwerstonne gemach hunn an dëst och op engem Feierdag war, wéivill Supplementen hunn ech zegutt?

-> Supplementen ginn adéiert 20% vu Nuets + 70% fir de Feierdag = 90%.

- Wann ech am Schichtdéngscht vu Méindeg bis Freideg geschafft hunn (40h) an op mengem RH Samschdeg esouwéi RH Sonndeg Nuechtsschicht hu misse schaffen, wéi vill Supplement hunn ech zegutt?

-> Samschdeg vun 22 Auer un ginn et 20% fir d'Nuecht + 40% fir de Supplémentaire Schaffdag um Samschdeg = 60%. Déi Stonn vun 21 Auer-22Auer gëtt et just 40% well dës net an d'Nuecht fällt.

-> Sonndeg vun 22 Auer un ginn et 20% fir d'Nuecht + 40% fir de Supplémentaire Schaffdag um Samschdeg = 60%. Déi Stonn vun 21 Auer-22 Auer gëtt et just 40% well dës net an d'Nuecht fällt.

- Wann ech am Horaire Mobile Nuets no 22Auer op d'Permanence geruff gi sinn, wéi vill Supplement kréien ech do?

-> ab 22 Auer ginn et 20% Supplement.

- Wann ech am Schichtdéngscht Sonndeg während dem Dag op mengem RH op d'Permanence geruff gi sinn, wat hunn ech do zegutt?

-> 40% Supplement

Fir all weider Froe proposéiere mir de Chef de Service ze kontaktéieren deen iech bestëmmt beim Ausfëlle vun de Relevéë ënnerstëtze kann a bei spezifesche Froen de Personalbüro ze kontaktéieren. Am Fall vu net zefriddestellenden Äntwerte kennt dir iech och gären un är Gewerkschaft wennen a mir analyséiere gemeinsam mat iech äre spezifesche Fall.

Mir weisen drop hinn dass dëst Schreiwes eng Hëllef soll sinn, an all Beamten selwer verantwortlech fir seng Demande bleiwt. Dëse Mode d'Emploi ass nach "bestem Wissen und Gewissen" vun ons erstallt ginn. Mir hunn eis op déi bestoend Gesetzeslag baséiert an domat kee Spillraum fir Interpretatiounen geloss. D'Beamten missten ab elo kënnen aschätzen ob se ënnert Dispositiounen vun den Iwwerstonnen a Supplementen falen.

Mat eise beschte Gréiss,

Äre Comité